N° 7625
Entrée le 20.02.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 20.02.2023

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/02/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen & Sozialversécherung weiderzeleeden.**

Eng Persoun, déi zu Lëtzebuerg manner wéi 2177€ de Mount an der Hand huet, läit ënnert der Aarmutsrisikogrenz a leeft Gefor, hir Grondbedierfnisser net méi alleguerten decken ze kënnen, wa se keng Suen op der Säit huet. Ronn ee Fënneftel vun de Mënschen zu Lëtzebuerg liewt ënnert der Aarmutsrisikogrenz, wann een d'Zuele vum STATEC an Eurostat kuckt.

Virun allem am Alter ass de Risiko an d'Aarmut ze fale grouss, wann ee keng eege Wunneng besëtzt, keng grouss Kapitalreserven huet an nëmmen eng kleng Pensioun kritt. Dës Situatioun ass awer fir vill Leit eng Realitéit hei am Land.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Persoune bezéien aktuell eng Pensioun zu Lëtzebuerg a wunnen och hei?
   Wéi vill Pensionnairë mat enger Adress zu Lëtzebuerg verdéngen netto aktuell eng Pensioun vu manner wéi 2200€ de Mount?

2. Wéi vill Steierzueler, déi eng Pensioun bezéien, ginn aktuell an der Steierklass 1 besteiert?
   Wéi vill Steierzueler, déi eng Pensioun bezéien, ginn aktuell an der Steierklass 1a besteiert?

3. Wéi vill Prozent vun de Pensionnairen an der Steierklass 1 an 1a, déi hei am Land liewen, falen ënnert d'Aarmutsrisikogrenz?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten